## Rapport définitif : Commission des sports et des loisirs de la commune de Walferdange

### 20.11.2024

**Présents** : Romain Breuer , Misch Feidt, Gigo Lamesch, Alain Weins, Stéphane Bertoncini, Guy Urbany, Gerd Fritzsch, Christian Bour, Tom Baumert, Helga Krecké-Mardetschläger, Théo Thill, Edmée Schmit-Streff

**Excusés**: De Riad Bahema gëtt ersaat duerch den Theo Thill, d'Martine Gortan-Thill gëtt ersaat duerch de Guy Medinger, de Ricardo Baptista duerch d'Helga Krecké-Mardetschläger, d'Caroline Schloesser ersaat duerch Edmée Schmit-Streff.

**Dagesuerdnung: Subside fir d'Sportsveräiner fir d'Saison 2023/2024**

**Oflaf:**

- Begréissung duerch de President

- De President gëtt Erklärungen zum neie System wéi d'Subsiden ab dësem Joer gerechent ginn. Dës Ännerunge ware jo nodeems d' Sportskommissioun hir Virschléi gemaach hat, vum President am Schäfferot presentéiert ginn, deen eng Rei Ännerunge gewënscht huet:
  - D' Sportequippen sollten op 6 eropgesat ginn. De Schäfferot huet zwar d'Unzuel vun den Equipen eropgesaat awer am System 3+3 (3 Dammen-, 3 Härenequippen). Eng ganz nei Equipe (Bsp. Wou virdru keng Dammenequipp war) kritt duebel Punkte fir dat Joer.
    Fir d'Equippen ginn et 25 Punkte bei Equipe mat ville Sportler; bei Sportaarten, mat klengen Equippen (Bsp.Tennis, Karate ...) just 15 Punkten.
  - Benevole ginn och mat Punkte belount: 50 Punkten, opgedeelt op Benevole administrativ a Benevole sportif je 25 Punkten.
  - Bei Organisatiounen, déi de Label ‚Green Event' kréien, gëtt Punktzuel verduebelt.
  - Et gëtt bei de Lizenze kee Minimum a kee Maximum méi, mee all aktiv Lizenz gëtt gezielt, all Walfer Sportler gëtt en zousätzleche Punkt.

- Duerno presentéiert de President den ‚Tableau de distribution' a gëtt bei Froen/Onkloerheeten weider Erklärungen:
  - 1er secours geet vu 5 op 10 Punkten erop.
  - De Subside jeunes gëtt iwwer de Subside ‚qualité plus' vum Stat gereegelt.

- Qualité plus: wann ee beim ‚Subsides jeunes' méi hat, wéi beim ‚Qualité plus' da kritt een dëst Joer dat selwecht wéi lescht Joer well net all Veräin de System ‚Qualité plus' verstan hat a sech do gemellt huet.
- E Problem war bei de ‚Fine Flèche' well si 2 Organisatiounen (eng national an eng international) op engem Dag haten. Do kann dann nëmmen eng gerechent ginn.
- Wéi all Joer kréien d'Sportsclibb zur Kontroll no der Kommissioun e PDF mat hirer Tabell, wou se gesinn wat zréckgehal ginn ass vun der Demande a wat net. Da kann nach jidderee reklaméiere wann eppes falsch verstan oder gerechent ginn ass.

<u>Diskussioun:</u>

- Et ass net all Veräin kloer, wat bei ‚Participation à des manifestations par l'administration communale' anzedroen ass. Zielen do och Manifestatiounen dozou wou de Veräin gefrot gëtt, z.B. vun enger Kommissioun a wou d'Recette integral fir de Veräin ass? Et wier méi kloer wann déi Manifestatiounen opgezielt wieren déi a Fro kommen an de Veräin misst dat zoutreffend just ukräizen.
- ‚Green Event': et wier gutt fir mat de Veräiner zesummen ze kucke wat an Zukunft machbar ass.
- D'Ännerungen vum neie System waren net fir all Veräin um Formular kloer, och d'Erklärungen iwwer de ‚Qualité Plus' hätte solle méi prezise sinn.

**<u>Ännerungen um Sportscampus :</u>**

- De Sportschäffen Alex Donnersbach hat all Sportsveräin gesinn a bei deem Rendez-vous konnt all Veräin seng Problemer an Doleance virdroen. Trainingsméiglechkeete waren e Problem: et si Slote bäikomm z.B. de Basket kann elo op Helsem goen, de Badmington krut Plagen zu Bäreldeng bäi, de Volleyball krut der doduerch zu Walfer an der Hal bäi.
- Et waren net genuch Vestiairen an den Halen. Dofir kritt de Fussball provisoresch Vestiaire beim Fussballsterrain a beim Terrain Multisport. De Fussball kënnt da ganz aus der Sportshal eraus, esou dass anere Veräiner do méi Vestiairen zur Verfügung stinn.
- Et ass an der Kommissioun preziséiert ginn, dass een Deel vun dëse Sloten awer nees ewechgefall si well d'Maison Relais dës Stonnen d'Sportshal selwer brauch.

- Och wann et ganz flott war, dass de Sportschäffen d'Vertrieder vun de Veräiner all ëmfaang huet, esou ass dann awer bedauert ginn, dass de Kontakt vun der Sportskommissioun mat de Representante vun de Veräiner doduerch ewechgefall ass. Dësen direkte Kontakt huet de Membere vun der Sportskommissioun gefeelt, well si esou d'Problemer vun de Veräiner net kennegeléiert hunn.
- Bodyshape: De Sall ass ze kleng, et sinn +/- 30 Leit.
- Déi nei Vestiairen si wéi ugekënnegt fir de Fussball. Fro ass op de Rugby och dovu ka profitéieren well och si Problemer mat de Vestiairen hunn.
- De President konnt keng weider Detailer zum Ausbau vun der Sportsinfrastruktur ginn, well den Alex Donnersbach dat fir d'éischt wëllt dem Gemengerot virstellen. D'Sportskommissioun freet fir esou eng Presentatioun no där vum Gemengerot och ze kréien. De President beméit sech fir eng Kommissioun mat enger Presentatioun am Januar ze organiséieren.
- Wou ass de Sportskoordinator drun? Virschlag : en 'Appel aux candidatures'.
- Zoumaache vum Sportscampus fir Bicherdeeg a Vollekslaf :
    - Bicherdeeg : kucken op een net déi 2 Deeg kéint aspueren.
    - Vollekslaf: kann een den Dag vum Vollekslaf net kann ab 15 Auer d'Halen nees benotzen? Do ass de ganze Site geraumt.
    - Informatioune bei esou Eventer solle méi fréi erausgoen.

Fir d' Sportskommissioun,

| | |
|---|---|
| Romain Breuer | Edmée Schmit-Streff |
| President | Secrétaire ff. |